Musical

Biissen, de 24. Abrëll 2018

Léif Elteren,

No eiser leschter Theaterprouf op der Bühn e Samschden, hu mer gemierkt, dass et kee Sënn méi mécht, fir an der Schoul an engem klenge Sall nach eng Theaterprouf ofzehalen. D'Kanner kënnen hier Rollentexter, dofir ass et elo ëmsou méi wichteg „d'Theaterspillen" ze prouwen, an dat geet nëmmen op der Bühn.

Dofir hale mir eis nächst Theaterprouf net e **Freiden (27.4.)** an der Mëttestonn, mee **vu 16.00 bis 18.00 Auer am Veräinshaus op der Bühn**. Mir huelen d'Kanner um 16.00 Auer no der Schoul bei der Trap am groussen Haff of, a ginn zesummen mat hinnen an d'Veräinshaus. Dir kënnt Är Kanner do um 18.00 Auer dann nees ofhuele kommen. Mir soen der Maison Relais Bescheed a brengen d'Kanner, di do ugemellt sinn, um 18.00 Auer ness dohinner zréck.

D'Kanner kréien vun eis eng Klengegkeet z'iessen an ze drénken virun der Prouf.

Deen Dag dono, Samschdes moies, den 28. Abrëll, bleift d'Prouf am Veräinshaus esou, wéi et virgesinn war, vun 13.30-15.30 Auer. Och all di aner Theater-Prouwen änneren net.

Allerdings hale mer eng zousätzlech Sangprouf, Méindes, den 7. Mee an der Mëttesstonn vun 13.10-13.50 Auer an der Schoul an eisem Sall. Di Prouf vu Mëttwochs, dem 9. Mee an der Mëttesstonn fällt dofir awer dann eweg.

Mir wëllen awer nach drop opmierksam maachen, dass d'Kanner ab e Freiden och hier Lidder ganz auswenneg sangen, dofir solle si hier Lidder dës Woch nach ganz gutt üben, sou dass si kee Lidderziedel méi brauchen.

Mat léiwe Gréiss,

Jean-Marie Bock
Huguette Muller-Kirsch

Biisser Kannergesank asbl.
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Ch.-Fr. Mersch
L-7790 Bissen

(+352) 26 88 54 37
biisser-kannergesank@pt.lu
www.biisser-kannergesank.lu
LU61 1111 1926 0055 0000